Wahlkongress 2016

Invitatioun

Samschdes, de 27. Februar 2016, vun 09.00 Auer un zu Jonglënster
Am Centre cuturel "Am Duerf" (24, RUE DU VILLAGE; L-6140 JUNGLINSTER)

Ordre du jour

9.00 Auer	Aschreiwe vun den Delegéierten
9.15 Auer	Ee Wuert vun der CSJ Osten
9.20 Auer	Bestëmmen vum Kongressbüro
	Ried vum CSJ-Nationalpresident – ***Charel HURT***
	Rapport a Bilan vum Generalsekretär – ***Fréd TERNES***
	Rapport vun den internationale Sekretären – ***Christophe HANSEN a Christophe ORIGER***
	Rapport vun de Schüler a Studenten – ***Alex DONNERSBACH***
	Rapport a Bilan vum Nationaltresorier – ***Françoise KEMP***
	Rapport vun de Keessereviseuren
	Diskussioun vun de Rapporten
	Decharge vum Nationalcomité
10.15 Auer	Bestëmme vun enger Wahlkommissioun
	Presentatioun vun de Kandidaten
	Wahle vum Nationalpresident a Generalsekretär
	Wahle vun de Memberen vum Nationalcomité
10.45 Auer	Presentatioun, Diskussioun a Stëmmen vun de Kongressresolutiounen
11.45 Auer	Proklamatioun vum Wahlresultat
	Ried vum neie CSJ-Nationalpresident
12.15 Auer	Ried vum CSV-Nationalpresident – ***Marc SPAUTZ***
	Ried vum CSV-Generalsekretär– ***Laurent ZEIMET***
	Ried vum CSV-Fraktiounspresident – ***Claude WISELER***
12.45 Auer	Clôture vum Kongress mat der "Heemecht"

Nom Kongress gëtt ee Patt offréiert.

Wahlen

Wee gëtt gewielt?

Fir déi nächst zwee Joer wielt de Kongress:

1. De Nationalpresident a Generalsekretär, déi zesumme gewielt ginn
2. D'Membere vum Nationalcomité:
   - 3 Memberen fir de Bezierk Süden an 3 fir de Bezierk Zentrum
   - 2 Memberen fir de Bezierk Norden an 2 fir de Bezierk Osten
   - 1 Member fir d'Schüler a Studenten

Wee ka wielen a kandidéieren?

All d'CSJ'ler, déi den 27. November 2015 schonns Member vun der CSJ waren.

Wéi gëtt gewielt?

D'Wahl ass geheim. All Member, dee wielen däerf, huet esouvill Stëmmen ewéi et Mandater ze bestëmme ginn. Et kann ee kengem Kandidat méi wéi eng Stëmm ginn an et muss een all seng Stëmme verginn.

Kandidatur

D'Kandidatur fir e Posten am Nationalcomité muss bis spéitstens e Freiden den 19. Februar 2016 un den CSJ-Nationalcomité geschéckt ginn. Fëll dofir wann ech glift de Formulaire aus a schéck e mat der Post oder iwwer Email zeréck.

Politesch Resolutiounen a Kongressdokument

Wéi an der Newsletter vum Dezember schonns annoncéiert, muss eng Resolutiou vun engem Aarbechtsgrupp oder vun engem eenzelne Member bis spéitstens 4 Woche virum Kongress, also bis den 30. Januar 2016 un csj@csj.lu gemailt ginn.

D'Bezierker an déi aner Gremien, mussen hir Resolutioune bis spéitstens zwou Woche virum Kongress, also bis den 13. Februar 2016 un csj@csj.lu mailen.

Déi CSJ-Memberen, vun deene mir eng valabel Emailadress hunn, kréien d'Kongressresolutiounen de 17. Februar geschéckt. Wann mir deng Emailadress nach net hunn, an du gären am Virfeld eng Kopie vun den Kongressdokumenter häss, da so eis einfach op csj@csj.lu Bescheed. Amendementer zum Dokument sinn am Beschte schonns bis den Dag virum Kongress per Mail eranzeschécken. Op Basis vun der Diskussioun um Kongress ginn Amendementer awer och nach den Dag selwer ugeholl.

Adress fir d'Kandidatur / Resolutiounen ze schécken

CSJ-Nationalcomité
CSJ, BP 826, L-2018 Lëtzebuerg
csj@csj.lu

Kandidatur fir den CSJ-Nationalcomité

Ech (Virnumm, Numm)

Adress

Tél. an Email

Gebuertsdatum

Bezierk a Sektioun

<u>Wichteg Remarque:</u> De Nationalpresident an de Generalsekretär ginn esou wéi et an den CSJ-Statuten steet (Art. 55) zesumme gewielt. Dofir muss een, wann e seng Kandidatur fir de Posten vum President stellt, och de Numm vun der Persoun schreiwen, déi gären Generalsekretär gëtt. Kandidéiert een fir Generalsekretär, da muss een och de Numm vum President schreiwen.

Stelle meng Kandidatur fir (w.e.g. ukräizen/ausfëllen)

☐ Nationalpresident zesumme mam (Virnumm, Numm)

---

als Generalsekretär.

☐ Generalsekretär zesumme mam (Virnumm, Numm)

---

als Nationalpresident.

☐ Member vum Nationalcomité fir de Bezierk:

---------- (Numm vum Bezierk)

☐ Member vum Nationalcomité fir d'Schüler a Studenten

Datum, Ënnerschrëft